

kritt Är Chamberkommissioun vum Här Glesener, de 14. Januar dann. Deeselwechten Dag kréien och d'Sozialpartner deen Audit virgestallt a mëttes maachen ech eng Pressekonferenz, fir dem Public dat virzestellen. Do wäerten och d'Haaptresponsabel vum BIT vu Genève dobäi sinn. Do sinn 134 Propositionen dran an do sinn der ganz vill dran, déi ganz wäit ginn. Ech maachen duerfir dee Bericht total public. Hei solle mer wierklech ouni Tabuen, an ech mengen dat net nëmme fir d'Regierung, ech mengen dat och fir d'Sozialpartner a fir d'Leit an der Inspektioun selwer, hei erугоen an all déi Propositionen duerchdiskutéieren a wa méiglech déi Propositionen all, wann et nëmme méiglech ass, realiséieren.

Do sinn der awer, wou mer nach ganz vill Diskussiounen kréien, zum Beispill seet de BIT: D'Gewerbeinspektioun geet ze oft nokontrolléiere sur place, wann d'Kand am Pëtz läit. De BIT seet: Mä dat kann net esou sinn. D'Gewerbeinspektioun muss vill méi proaktiv goen a si muss kucken, dass an de Betriber

d'Konditiounen vu vir eran esou gemaach ginn, dass net kënnen Accidenter zum Beispill virkommen. Dat ass eng grouss Ausso vun deem Bericht.

Da seet de Bericht awer och, an do sinn ech da gespaant, wat de Statsrot dorobber äntwert: Déi Leit, déi an der Gewerbeinspektioun sinn, mussen besser gebilt ginn, mä déi mussen awer och Mëttele kréien, fir duerchzegräifen. De BIT seet: Zurzäit hu mer nëmmen een eenzegen Inspekter an der ITM, dat ass hiren Direkter, an dee geet natierlech seelen sur place kucken. Et ass also och esou, dass déi Leit herno méi Kompetenze mussen kréien, wa mer wëllen de BIT-Bericht ëmsetzen.

Dat sinn elo zwou Saachen. Ech soen lech elo nach net alles, wat dra steet an deenen 134 Propositionen - mir maachen dat nach -, just fir lech ze soen, dass den Timing bei eis am Haus esou ass: No dem 14. Januar wäert ech nach Enn vum Mount mat de Sozialpartner zesummekommen, fir do e kleng Comité d'accompagnement ze maachen, wéi mer déi Reform

ëmsetzen. Eist erkläertent Zil ass, fir nach déck am Joer 2003, wa méiglech nach virun der grousser Vakanz e Projet de loi hei op den Instanzewee ze ginn. Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Domat wier d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4694 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 13 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, domat hätte mer d'Lecture vun den Artikelen ofgeschloss a mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert de Gesetzesprojet 4694.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déijéineg, déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthalen sech.

De Gesetzesprojet 4694 ass eestëmmegeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Jean-Marie Halsdorf), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Nico Loes), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Niki Bettendorf), Mme Maggy Nagel (par M. Xavier Bettel), MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex

Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen);

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domadder wiere mer Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtteg a fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.21 heures)

MERCREDI, 18 DÉCEMBRE 2002 20^E SÉANCE

Présidence: M. Jean Spautz, Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président
M. Jean Asselborn, Vice-Président

Ordre du jour

- Hommage à la mémoire de Monsieur Ernest Petry, député honoraire
- 4917 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la construction par la Commune de Mamer d'un centre intégré pour personnes âgées à Mamer
4926 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la construction par la Commune de Mamer d'un centre intégré pour personnes âgées à Mamer
4923 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la transformation, la modernisation et l'extension de l'Institut St-Joseph à Betzdorf
(Rapports de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Lecture du texte des projets de loi - Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel)
- Dépôt d'une proposition de loi
- 4825A - Projet de loi portant approbation de la Convention internationale du Travail N°172 concernant les conditions de travail dans les hôtels, restaurants et établissements similaires, adoptée par la Conférence internationale du travail à Genève, le 25 juin 1991
4825B - Projet de loi portant 1. réglementation de la durée de travail des ouvriers, apprentis et stagiaires occupés dans l'hôtellerie et la restauration; 2. modification a) de l'article 6 de la loi modifiée du 7 juin 1937 ayant pour objet la réforme de la loi du 31 octobre 1919 portant réglementation du louage de service des employés privés, b) de l'article 5bis de la loi modifiée du 9 décembre 1970 portant réduction et réglementation de la durée de travail des ouvriers occupés dans les secteurs public et privé de l'économie et c) de l'article 1er de la loi modifiée du 26 février 1993 concernant le travail volontaire à temps partiel
(Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale)
- Dépôt d'une proposition de loi
- 4825A et 4825B - Projets de loi (suite)
(Discussion générale - suite - Lecture du texte des projets de loi - Amendements - Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel)
- 4927 - Projet de loi concernant l'assistance mutuelle en matière de recouvrement dans la Communauté européenne des créances relatives à certains impôts, cotisations, droits, taxes et autres mesures
(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)
- 5016 - Projet de loi autorisant l'acquisition d'un immeuble administratif situé à Luxembourg, route d'Esch

- (Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)
- 5033 - Projet de loi concernant les organismes de placement collectif et modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée
(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)
- Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Henri Grethen et François Biltgen, Ministres; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.
- (Début de la séance publique à 14.30 heures)**

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

1. Hommage à la mémoire de Monsieur Ernest Petry, député honoraire

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn déi traureg Pflicht lech matzedeele, datt ee vun eise fréiere Kolleegen, den Ernest Petry vu Waarken, gëschter am Alter vu 66 Joer no laanger Krankheet gestuerwen ass.

Vum Ernest Petry kann ee behaupten, datt d'Landwirtschaft fir hien éischer eng Berufung, wéi e Beruff war. Vu Kand u war hie mat den Aarbechts- a Liewensbedingunge vu sengem Stand vertraut. An esou ass et net verwonnerlech, datt hie sech an dësem Haus vun 1984 un zéng Joer laang an de Reie vun der CSV fir d'Belaanger vun de Baueren a vum Éislek agesat huet.

Ob als Schäffen oder Conseiller vun der Stad Ettelbréck, huet hie vun 1975 un op jovial an onbürokratesch Aart a Weis senge Mat-

mënsche gehollef, wat mat sech bruecht huet, dass si him ëmmer erëm hiert Vertraue geschenkt hunn, bis hie sech 1993 aus gesondheetleche Grënn zrëckgezunn huet. Säin onermiddlechen Asaz am Sënn vun enger kompetitiver Landwirtschaft an enger sozialer Ofsécherung vun de Baueren huet sech doriwwer eraus a sengem Wierken innerhalb vu verschidde- ne landwirtschaftleche Gremie geäussert.

Dem Ernest Petry senger Famill an deenen, déi him no stoungen, drécke mir eist Bäileed aus. Ech géing lech bieten eng Minutt opzestoen a senger am Stëllen ze gedanken.

Ech soen lech merci.

Mir kommen elo zur Diskussioun vun de Projets de loi 4917, 4926 a 4923 iwwert d'Alters- a Fleegeheimer zu Mamer, Dikrech a Betzdorf. Déi dräi Projete ginn an enger Diskussioun behandelt. Fir déi dräi Rapportere sinn insgesamt 30 Minutte virgesinn, 10 Minutte pro Rapporteur. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt.

Et sinn ageschriwwen déi Häre Scheuer, Belling, Jaerling, d'Madame Wagener an déi Häre Wohlfart a Lux. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 4917, den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Här President, ech schwätzen net.

M. le Président.- Et ass an der Rei.

2. 4917 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la construction par la Commune de Mamer d'un centre intégré pour personnes âgées à Mamer

4926 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la construction par la Commune de Mamer d'un centre intégré pour personnes âgées à Mamer

4923 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la transformation, la modernisation et l'extension de l'Institut St-Joseph à Betzdorf

Rapports de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Projet de loi 4917 iwwert de Centre intégré zu Mamer gëtt am Fong geholl e Regierungsprogramm, deen an den 90er Joren opgestallt ginn ass, en nationale Programm fir den Drëtten Alter, ëmgësat, an zwar an engem ganze Package, dee mer haut duerch d'Chamber kréien, wou mer dräi Projeten duerchhuelen: de Projet Mamer, de Projet Betzder an de Projet Dikrech.

De 16. Januar hu mer eng Sitzung vun der Chamberkommissioun vun der Famill, fir och déi nächst Projeten Heeschdref a Fréiseng ëmzesetzen. Heimat finaliséiere mer Projeten, déi de 14. Mäerz 2002 an den 22. Februar 2002 vum Minister déposéiert goufen. Deen heite Projet iwwert de Centre intégré vu Mamer ass den 22. Februar 2002 déposéiert ginn. De Rapporteur gouf de 17. September genannt an de Rapport gouf den 12. Dezember ugeholl.

Wat de Projet elo ugeet am Detail, géif ech op de schréfftleche Rapport verweisen, wou all d'Elementer vun dësem Projet dra stinn. Ech géif mer awer erlaben, trotzdem lech matzedeele, dass dat e Centre intégré ass fir 120 Better, déi op dräi Stäck opgedeelt sinn, 40 Better pro Stack. Dat ginn dann op all

Stack véier Unitéite vun zéng Better. Deem Ganze gött nach e Foyer du jour an e soziothérapeutesche Grupp bäigesat. Déi Zëmmeren hunn a sech eng Gréisst vun 32,3 m².

Wann een de Projet esou kuckt, mierkt een, dass e sech wonnerbar integréiert an de Site Brill nieft der Gemeng zu Mamer. Déi Gemeng ass jo och ganz schéi restauréiert ginn. Dat Ganzt nieft dem Lycée Josy Barthel zu Mamer, géif ech mengen, wier e weidert Element, dat net nëmmen ënnersträicht, dass d'Gemeng Mamer an d'Uertschaft Mamer wierklech e wüdege Chef-lieu si vum Kanton Kapellen, mä et ënnersträicht och déi politesch Dynamik, déi an der Équipe ronderëm de Buergermeeschter Gilles Roth, do ëm sech schléit, géif ech bal soen.

All d'Zëmmere kréien eng Kitchennette. Dat konnt Dir am schrëftleche Rapport liesen. Dat mécht och Sënn, wann an den Haiser de Prinzip vum, wéi géif ech soen, Prix menu géif existéieren. Deen ass amgaangen ze kommen. Ech géif mengen, et wär wichteg, dass een dann dëst Konzept ëmsetzt. Wann dann déi Kiche benotzt gëtt, kéint een de Präis eventuell vun eenzelnen Zëmmeren erofsetzen.

Dofir muss ee sech och d'Fro stellen, ob et iwwerhaupt e Sënn mécht, fir an all déi Zëmmeren eng Kitchenette ze installéieren? Et weess ee jo, dass den Duerchschnittsalter vun den eelere Leit zwëschent 80 a 85 Joer läit an et ass och gewosst - dat weess d'Madame Ministesch och -, dass 45% vun de Leit, déi an deenen Haiser sinn, nach just validant sinn. Déi aner Leit sinn invalidant. Dofir muss ee sech d'Fro stellen - ech wëll déi Diskussioun net haut lancéieren -, mä trotzdem d'Fro stellen -: Brauch ee wierklech fir eng fleegebedürfteg Persoun eng Kitchenette? Oder anescht gesot: Kann eng Persoun am Rollstull och nach kachen?

Par extension muss ee sech och d'Fro stellen, an ech wëll déi gären haut hei stellen, ouni elo wëllen dorüwer eng Diskussioun ze féieren, ob déi Zëmmer mat 32,3 m², ob dat net ze grouss ass? Ob een net sollt an Zukunft kucken, fir méi grouss a méi kleng Zëmmeren ze maachen? Dat misst ee kucken, dass een da vläicht géif eenzel Blocke vermëschen, wou een där enger an där anerer géif maachen.

Och de Séjour, den Openthaltsraum, ass an der Diskussioun, wéi ech weess vum Buergermeeschter vu Mamer. Et gëtt gemengt an hien huet och vu sengem Gemengerot dat ugeluecht kritt, ob een net sollt do vläicht Vakanzenzëmmeren dra maachen, well de Moment eng grouss Diskussioun dobaussen ass iwwer Vakanzenzëmmeren, fir där ze schafen? Et ass och gewosst, dass vill Leit am Fong geholl e Problem hunn, fir an de Vakanz hir eeler Persounen, déi se an der Fleegeversécherung doheem hunn, ënnerzëkréien. Dofir misst ee sech d'Fro stellen, ob dat net ubruecht wär, och wann ee weess, dass den Trend an deem Beräich deen ass, dass d'Leit am Fong geholl net méi sollen esou laang doheem bleiwen, anscheinend? Ech weess net, ob dat esou ass, mä et gëtt emol esou gesot? Souwisou, wann zwee Partner schaffe ginn, da kann ee keng Persoun doheem halen. An et ass jo och gewosst, wann d'Fleegeversécherung iwwer 12 Stonne geet, da muss een an en Heem, dann därer een net méi doheem bleiwen.

Et ass och gewosst, dass am Fong geholl deen Drock, dee ganz oft op d'Leit kënn, déi Persounen doheem hunn, déi fleegebedürfteg sinn, ganz schlecht ventiléiert gëtt. Ech géif also mengen, an deem Beräich wär et wichteg, dass een do kuckt, wat d'Fleegeversécherung hiergëtt, a wéi een déi Problematik ka léisen. Kloe ass: Et ginn ëmmer méi Leit an d'Vakanz. Dofir sollt ee sech iwwerleeën, ob

een net sollt an Haiser esou Fleegebetter fir Vakanz abauen.

Ech wollt zum Finanzement vun deem Ganzen nach zwee Wiedersoen. Dat Ganzt ass eng Konvention, déi vum 29. September 1997 ass. Et ass awer en Avenant dozou komm de 5. August 1999. Dat Ganzt ass an der Regierung, den 1. August 1997 ugehall ginn iwwert d'Participatioun vun 80%. Am Projet stoungen 19,315 Milliounen vun engem totale Montant vu 24,14 Milliounen, well pro Bett gëtt et jo 201.204 Euro. Dëse Montant ass vun der Chamberkommissioun erop gesat ginn op 20.541.449 Frang.

Deen Exercice, dee mer haut maachen, baséiert um Artikel 99 vun der Constitution, dee virgesäit iwwert den Artikel 80 vum Budgetsgesetz vun 1999, dass ee muss e Projet de loi maachen. D'Gemeng bezilt an deemem Projet 34 Milliounen. De Stat bezilt 20,6 Milliounen. Do feelen also grosso modo 14 Milliounen. Et ginn nach dräi Milliounen of iwwert d'TVA. Da feelen am Fong geholl nach 11 Milliounen. Dës 11 Milliounen ginn op acht Gemengen opgedeelt. Aacht Gemengen, well d'Gemeng Habscht an d'Gemeng Käerch hu sech u Stengefort ugeschloss. Déi aner Gemenge sinn d'Gemeng Simmer, déi huele véier Better, d'Gemeng Kënzeg aacht, Dippech aacht, Gaarnech aacht, Koplescht aacht, Stroossen aacht, d'Gemeng Kielen 14 an d'Gemeng Mamer 62 Better vun deene ganzen 120 Better.

Gutt, de Käschtepunkt ass 34 Milliounen. Et ginn der 20,6 bezuelt. Et bleiwen nach 11 Milliounen. Dat sinn also relativ vill Suen. Dofir muss ee sech d'Fro stellen, an eng Kéier déi Diskussioun och féieren, ob de Subventionssaz net ze déif ass, well dee jo ufank den 90er...

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse. - Et sinn 80%.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur. - De Subventionssaz vum Basispräis, Madame Minister, vun deenen 201.204 Euro pro Bett, ob een deen net soll iwwerdenken eng Kéier? Dat ass jo awer relativ vill fir kleng Gemengen. Ech hunn lech d'Gemeng Simmer genannt. Ech hunn lech d'Gemeng Kënzeg genannt. Fir déi sinn dat awer relativ vill Suen. Dat sollt ee vläicht sech iwwerleeën.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse. - Also mir si bei deenen ale Suen, Här Halsdorf, bei 8,5 Milliounen. Wa mir mengen, datt dat nach net duer géing goen, als Basispräis, da musse mer eis awer emol iwwerleeën, wat mer da mengen, wat et misst kaschten?

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur. - Ech hunn lech dat heite gesot, dat ass e Wunsch vun de Gemengen.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse. - Neen, ech soen lech et direkt, da brauch ech et herno net méi ze soen.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur. - Déi Gemengen an dem Kanton Kapellen hunn dee Wunsch, an ech wollt lech dee matdeelen.

Ech wollt lech och nach matdeelen, dass de Statsrot dëse Projet, de 16. an den 18. Juni 2002 aviséiert huet, an op Amendementen vun der Kommissioun hin de 26. November 2002. Et ass also esou, dass mer en amendéierte Projet hunn. An do ass eng grouss Diskussioun festgeluecht ginn iwwert de finanziellen Engagement vum Stat iwwert d'Konvention.

Ech géif mengen, de Paul-Henri Meyers sollt do herno a sengem mëndleche Rapport dësen Aspekt

vum Statsrot eng Kéier nach am Detail ervirbréngen, wéi hien et och gemaach huet an der Kommissioun selwer. Hie war jo fréiere Member vum Statsrot an hie soll dann, well et mécht nëmme Sënn, deen eemol hei ze bréngen, well et ass dräimol déiselwecht Problematik, déi an deenen dräi Projekte behandelt gëtt an et geet duer, wa mer déi eemol virbréngen.

Et geet och elo duer mat deem, wat ech lech gezielt hunn zu deemem Projet. Ech géif lech nach matdeelen, dass dëse Projet eng grouss Unanimitéit an der Kommissioun fonnt huet, an dass e sécherlech och den Accord vun der CSV-Fraktioun fënn. Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 4926, den Här Paul-Henri Meyers.

M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 4926 ass de 14. Mäerz 2002 an der Chamber déposéiert gi vun der Familljeministes. Den Avis vum Statsrot kum den 18. Juni 2002. Déi zoustänneg Kommissioun huet de Projet de 17. September analyséiert an een Amendement eraginn, deen de 26. Oktober 2002 vum Statsrot aviséiert ginn ass.

Duerch dëse Projet gëtt de Stat autoriséiert, fir sech finanziell un der Moderniséierung an um Ausbau vun dem Fleegeheim an deem ale Spidol zu Dikrech ze bedeelegen, mat engem Betrag vu 17.309.272 Euro, festgesat nom Bauindex vum 1. Abrëll 2002 um Stand vu 563,36. Well déi Bedeelegung hei vum Stat iwwer e Betrag vu 7,5 Milliounen Euro erausgeet an domat d'Limité vum Artikel 99 vun der Verfassung a vum Gesetz vum 8. Juli 1999 iwwerschrëtt, muss d'Bedeelegung vum Stat duerch ee Gesetz autoriséiert ginn.

Wat de Prozentsaz vun 80% ugeet, huet d'Regierung sech de 25. Mee 2002 op déi 80% festgeluecht, well dëse Projet engem urgente regionalen an nationale Besoin entsprécht. Duerch de Projet gëtt d'Fleegeheim vun Dikrech moderniséiert an deenen heitegen Exigenzen ugepasst. Et ass ënnerbruecht an engem ale Spidol.

Dat architektonescht Konzept vun deemem Bau ass esou ausgeluecht, dass déi Neierungen déi kommen och den Erfuerdernisse vun deenen eelere Pensionären entsprécht. Dat heescht, dass duerch eng besser Funktionalitéit vun de Raimlechkeeten och d'Leit kënnen besser schaffen. Et gëtt méi rationell gemaach. Et gëtt modern équipéiert. Duerch de Bau vun zousätzlechen 22 Zëmmeren gëtt och déi wirtschaftlech Rentabilitéit vun deemem Etablissement verbessert.

De Projet reit sech an d'Zuel vun deenen an, déi et sollen erlaben, am Kader vun dem Programm, deen de Jean-Marie Halsdorf schonn erwähnt huet, op déi 1.606 Better ze kommen, déi och an deem allgemengen nationale Programm enthalte sinn.

De Projet huet Ulass ginn zu dräi Diskussiounen an der Kommissioun, an och am Avis vum Statsrot. Deen éischte Problem betrëfft de Choix vun dem Referenzbauindex, deen am Projet zrëckbehale sollt ginn. D'Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire, en accord mat der Cour des Comptes an dem Ministre du Trésor, huet virgeschloen, dass an Zukunft als Referenzbauindex deen Index zrëckbehale soll ginn, deen am noosten an am leschten den Indexstand am Bauindex erëmgëtt. D'Familljekommissioun huet deem Virschlag zugestëmmt an huet och dofir de Bauindex, wéi en am ufank ursprénglech am Projet virgesi war,

ofgeännert an dee leschten Bauindex zrëckbehal. Dat ass eng allgemeng Regel, déi an Zukunft och an all deene Projekte soll zrëckbehale ginn.

Een zweete Punkt, deen zur Diskussioun Ulass ginn huet, war dee vun den Zësen, déi vum Stat sollen iwwerholl ginn. D'Regierung hat proposéiert, dass de Stat déi Zënse soll iwwerhuelen. De Statsrot hat allerdéngs du virgeschloen, dass d'Zësen eréischt géife lafe vun deem Dag u wou d'Gesetz géif a Kraaft trieden. D'Kommissioun war allerdéngs mat där Approche vum Conseil d'Etat net d'accord, an zwar aus zwou Ursaachen. Éischens well d'Regierung selwer an enger Konvention mat deene respektive Bauhären, oder Bauträger, festgehalten hat, dass d'Zënse ganz iwwerholl solle ginn. Doderch war also een Engagement vun der Regierung entstanen, an et hätt een och kënnen dovun ausgoen, wa mer een anere Bauindex virgesinn hätten, dass eventuell d'Bauträger d'Regierung gerichtlich hätte kënnen usiche fir hiert konventionellt Engagement och anzehalen. Zweetens war d'Kommissioun der Meinung, dass een dem Bauhär, oder de Bauhären, fir déi dräi Projeten, net kéint Retarden oplaschten, déi entstanen wieren duerch d'Procédure législative. Wann ee Projet laang Zäit brauch misst also och gewaart gi mam Bau bis definitiv dat Gesetz gestëmmt war. Or, déi Projekte sinn am gudde Glaf ugefaange ginn, an dofir ware mer och der Meinung, dass ee soll den Text vun der Regierung, wat d'Iwwerhuele vun den Zësen ugeet, bäibehalen. Mir hunn dem Statsrot dat och matgedeelt. Et war iwwerens an aneren Amendement nach gemaach ginn. De Statsrot huet dann deenen Iwwerleeungen - schwéieren Härzens, muss ee soen - och zugestëmmt.

En drëtten Punkt, de Statsrot huet virgeschloen, dass am Text misst virgesi ginn, iwwer wéi ee Fong, oder op wéi engem Fong, déi Ausgabe géifen imputéiert ginn. Do hat de Conseil d'Etat virgeschloen, dass dat de Fonds d'investissement social et sanitaire soll sinn. D'Kommissioun war awer der Meinung, dat wär falsch. Mir sinn an d'Richtung gaang vum Conseil d'Etat, dass ee schonn de Fong soll virgesinn, mä dat wier awer de Fonds spécial pour le financement des infrastructures socio-familiales, wat eiser Meinung no och richtig ass. Et ass och deen Text, deen am Projet zrëckbehale ginn ass.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, dat war dat, wat zu deemem Projet ze soen ass. Étant donné dass d'Kommissioun unanimement deem zugestëmmt huet, géif ech och wënschen, dass hei d'Chamber dee Projet unanimement géif stëmmen.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 4923, déi honorabel Madame Marie-Josée Meyers-Frank.

Mme Marie-Josée Meyers-Frank (CSV), rapportrice. - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech si besonnesch frou lech haut de virleiende Projet 4923 virzustellen, deen de Stat autoriséiert d'Transformatioun, d'Modernisatioun an d'Extenssioun vum Institut Saint-Joseph zu Betzder 100%eg ze finanzéieren. Well et ëm den Institut vu Betzder geet, wat eng Uertschaft a menger Gemeng ass, an déi Matbewunner mir besonnesch um Härz leien, sinn ech frou, datt d'Kommissioun mech als Rapportrice vun deemem Projet ernannt huet, a virun allem, well dëse Projet e besseren Encadrement vun eise behënnerte Matbierger virgesäit.

D'Betreiung vu behënnerte Mënschen ass eng bal honnertjäreg Traditioun am Institut Saint-Joseph zu Betzder, dee sech am Laf vu sengem Bestoe mat der Betreiung

vu schwéierst behënnerte Mënsche spezialiséiert huet. Ongeféier 110 Persounen wunnen haut am Institut. Mat deemem Projet gi weider 70 infrastrukturell Méiglechkeete geschaaft. Den Institut wäert och an Zukunft de behënnerte Mënschen Dagesopfangstrukturen ubidden. De Projet gesäit nämlech vir, an deenen ale Gebaier, wou momentan Pensionäre wunnen, spéiderhin eng Betreiung vun 173 Mënschen ze garantéieren.

Trotz villen Ustengungen, déi an de leschte Jorzéngten ënnerholl gi si fir de Pensionären eng qualitativ héichwäerteg Betreiung unzibidden, läit et op der Hand, datt d'Gebaier net méi den Ufuerderunge vun haut entsprechen. Dofir ass et wichteg, datt dat heiten och haut hei an der Chamber d'Zoustëmmung fënn. Et war am ufank Rieds d'Gebaier nëmme punktuell ze sanéieren, mä do ass ee schnell zur Konkusioun komm, datt dat, ofgesi vum finanziellen Aspekt, net méiglech wier. Et ass beschloss ginn d'Gesamtgebailechkeeten ze moderniséieren an ëmzebauen, respektiv ofzeräissen a frësch erëm opzebauen.

An deemem Kontext ass ze bemerken, datt d'Ofräissen an den Neibau vu verschiddene Gebaier eréischt nodréiglech décidéiert ginn ass, well verschidde Restauratiounen virgesi waren, awer einfach aus Statistikgrënn net méiglech sinn ze realiséieren. Dës Entscheedung wäert awer näischt un der finanzieller Bedeelegung vum Stat änneren, déi sech op 39.656.401 beleeft, op Basis vun der Indexzuel vun de Präisser am Bautewiesen, déi all halleft Joer fixéiert gëtt.

Villes sprécht fir de Standuert Betzder. E groussen Deel vun de Pensionäre vum Institut liewe säit hirer Kandheet zu Betzder a si hunn zu Betzder hiert doheem fonnt. Ech kéint mer schlecht virstellen, dass dës Leit, déi elo an hirer Communautéit ageliéft waren, op enger anerer Plaz am Land hiert doheem misste fannen. Dofir soen ech och der Madame Minister ganz härzlech merci, datt si drop gehalen huet, fir de Standuert Betzder bäizehalen. Merci villmools!

Wat och fir de Standuert Betzder sprécht, ass, datt den Institut Betzder iwwert e grouse Park verfügt, deen extra fir behënnert Leit, inklusiv Schwéierstbehënnerten, aménagéiert gëtt. Den Aménagement dréit den ekologesche Wäerter Rechnung a gëtt domadder och eng Opwäertung vum gesamte Site. D'Integratioun vu Behënnerten ass eng Realitéit an eiser Gemeng. Si gehéieren zu eis an huelen um gesellschaftleche Liewen zu Betzder deel. Den Architekt huet awer och drop gehalen, de Caractère rural ze respektéieren, an domat een Deel vun eise Patrimoine culturel ze erhalen, wat begréissenswäert ass.

Ech fannen et och ganz gutt, datt den Aarbechtsberäich vum Wunneberäich getrennt gëtt. Den Nodeel ass awer deen, datt eng Strooss de Wunn- an den Aarbechtsberäich trennt. Dofir war et eis wichteg vun der Gemeng aus Kontakter mat Ponts et Chaussées opzehuelen, fir déi Problematik ze erläuteren. Mir wäerte sécherlech an där Zon herno eng Zon 30 maachen.

Momentan funktionéieren nach Wunngemeinschaften mat 12 Leit, wat awer pädagogesch net sënnavoll ass, an dofir ass proposéiert ginn, Strukture mat véier, sechs, maximal aacht Bewunner virzeginn. De Projet gesäit och Méiglechkeete vir, fir Demandé vu kuerzfristegem Openthalt Rechnung ze droen. 22 Unitéite sinn dofir virgesinn. Dëst ass och e weidere Schrëtt, fir déi bestoend Laken op deem Niveau ze résorbéieren.

E weideren Advantage vum Projet läit doranner, datt d'Wunneunitéiten, déi am Prinzip fir eng Persoun geduecht sinn, esou aménagéiert ginn, datt och d'Méiglechkeet ge-

schafe gëtt, déi Unitéiten ze verbannen. Ech begréisze ganz staark d'Tatsaach, dass mer niewent der Erneuerung an der Modernisation vum Institut, ee Centre d'accueil fir behënnert Leit schafen, deen niewent enger traditioneller 24 Stonnen op 24 Stonne-Betreiung och verschidden aner Aktivitéiten ubitt, déi souwuel vun internen, wéi vun externen Leit benotzt kënnen ginn. Dat ass virun allem interessant fir Jugendlecher iwwer 15 Joer, déi net méi schoufflichteg sinn an déi dann am Institut Saint-Joseph nei Aktivitéits- an Integrationsméiglechkeeten ugebuede kréien.

De Stat dréit déi ganz Finanzéierung vum Projet, well de virleiende Projet passt an de Kader vum nationale Programm fir behënnert Leit. A well dëse Projet engem urgenten, nationalen a regionale Besoin u spezifischen Infrastrukture fir behënnert Leit Rechnung dréit, huet de Regierungsrot décidéiert, op Basis vum Artikel 13 vum ASFT-Gesetz vun 1998, eng honnertprozenteg staatlech Finanzéierung ze autoriséieren, wouriwwer den Institut lech ganz dankbar ass.

Wat d'Methodologie vun der Finanzierung ugeet, verweisen ech lech haut op dat, wat den Här Meyers elo just gesot huet, respektiv den Här Halsdorf, am Kader vun de Gesetzesprojeten 4917 an 4926.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, et geet aus enger Émfro op europäeschem Niveau ervir, dass 38 Milliounen Fraen a Männer behënnert sinn. Dat mécht 10% vun der europäescher Populatioun aus. Trotz villen Efforte bleift awer nach vill ze maachen, fir dass eis behënnert Matmënschen an eiser Gesellschaft integréiert ginn. Dëse Projet dréit op seng Aart a Weis dozou bäi, well en net nëmme sech zum Zil gesat huet behënnert Mënschen ze betreien an therapeutesch ze versueren, mä hinnen och, hire physeschen a psychesche Kapazitéiten no, d'Méiglechkeet gëtt, sech an der Gesellschaft an an der Aarbechtswelt ze integréieren.

Zum Schluss géif ech gäre jiddferengem merci soen, deen am Institut mat Behënnerte schafft, an dat net nëmme bei eis an der Gemeng mä am ganze Land. 2003 ass jo internationaalt Joer vun de Behënnerten deklariéiert ginn. Et ass d'Flicht vun der Politik a vun der Gesellschaft sech fir d'Rechter an d'Uspréich vun de Behënnerten anzesetzen. All ze oft ginn awer hir Talenter an hir Kreativitéit ënnerschätzt. Hir Fäegkeete solle mir awer notzen, well si kënnen eng Beräicherung fir eis Gesellschaft sinn.

Ech si frou, dass an der Kommission dëse Projet unanime ugeholl ginn ass an hoffen, dass et en heim Plenum och eng unanime Zoustëmmung fënnt. Ech ginn den Accord vu menger Fraktioun. Merci.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Georges Wohlfart agedroen. Den Här Wohlfart huet d'Wuert.

Discussion générale

■ M. Georges Wohlfart (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi dräi Projeten, déi de Mëtteg hei um Programm stinn: de CIPA Mamer, den Ausbau an d'Moderniséierung vun der Maison de Soins zu Dikrech, an dann och den Émbau an d'Moderniséierung vum Institut Saint-Joseph zu Betzder, si Projeten - d'Rapporteurs hunn et an hirem mëndleche Rapport allen dräi gesot -, déi eestëmmege an der Kommission ugeholl gi sinn.

Déi Projeten entsprechen engem nationale Besoin. Dat geet eleng aus der Tatsaach ervir, dass laut dem Artikel 13 vum ASFT-Gesetz, wat d'Finanzéierung ugeet, hei all Kéier ganz héich Tauxen agesat

ginn, wéi Dir dat jo selwer gesot hutt. Zu Mamer 80%, och bei der Maison de Soins zu Dikrech 80%, a beim Institut Saint-Joseph 100%.

Wat ech just wollt ervirsträichen no deene relativ exhaustive Berichteren vun de Rapporteurs, deenen ech wëllt merci soen, fir hir schrëftlech a mëndlech Rapporten. Besonnesch beim CIPA Mamer ass et ee Projet dee regionale Charakter opweist. Ech sinn och mat der Madame Minister d'accord, dass wann do de Stat sech zu 80% bedeelegt, dass awer dann dat wat iwwreg bleift misst kënnen vun deene sechs oder siwe Gemengen - ech weess elo net méi genau, wéivill dass et der sinn - am Intérêt vun hiren eelere Matbierger mat finanzéiert ginn.

Wat den zweete Projet ugeet, dee vum Sacré-Coeur vun Dikrech, wou 97 Fleegebetter derbäikommen, esou ass dat e Projet, deen op d'Joer 1998 zrëckgeet, wou schonn éischt Iddien do ware fir den Ausbau an d'Moderniséierung vun deem Haus. Deemools hu mer d'ASFT-Gesetz geschafen, an et huet ee Moment ausgesinn, op jiddede Fall war dat am Ministère vun der Santé esou, wéi wann eng Rei potentiell auslännesch Investisseure kéimen, déi eis géifen hëllefen de Problem vun de Fleegebetter ze léisen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stellen haut de Mëtteg fest, dass mer an deene leschte Méint a Joren eng Rei vun Initiativen hei gestëmmt hunn, déi awer alleguer op Lëtzebuerger Initiativen zrëckginn, ob dat de Stat, Gemengen oder Privatträger sinn, awer vun deenen auslännesche potentiellen Investisseuren hunn ech nach keen hei um Terrain gesinn. Dofir sinn ech frou, dass awer nach ëmmer Gemengen a Privatträger hir Verantwortung iwwerhuelen an de Stat do mat investéiert.

Dir Dammen an Hären, mir schwätzen de Mëtteg iwwer e Gesamtinvestissement, wat de Stat ubetrëfft - wann ech gutt zesummegerechent hunn -, vun 46,4 Milliounen Euro. Dat sinn eppes méi wéi 3 Milliarden al Lëtzebuerger Frang. Dat ass eng Zomm, déi important ass, mä et ass Geld wat, menger Meinung no, gutt ugeluegt ass.

Mir sollen eis awer och näischt virmaachen, well mer hunn nach ëmmer e Bettékäschtepunkt pro Patient, wann ech dat esou ka formuléieren, vu ronn 9,4 Milliounen Lëtzebuerger Frang, a wa mer dann nach wëlle verschidde Saachen a Fro stellen an nach ëmmer eppes wëllen dropleeë wat d'Infrastrukturen ugeet oder de Confort, da musse mer eis och emol d'Fro stellen, bei wat fir engem Chiffer mer herno erauskommen an ob dat wierklech nach ze finanzéieren ass.

Dat gesot, wëll ech och hei den Accord vu menger Fraktioun zu deenen dräi Projete bréngen, ouni awer nach wëllen e Wuert net gesot ze hunn iwwert den Institut Saint-Joseph, deen, an et ass hei scho gesot gi vun der Rapporteuse, eng ganz laang Tradition huet an der Betreierung vun de Schwéierstbehënnerten zu Lëtzebuerg. Wann ee schonn eng Kéier op der Plaz selwer war, da weess een, dass hei déi Moderniséierung an déi Neigestaltung vun deene Raimlechkeeten eng absolut Noutwendegkeet ass. Och hei si mer deene Leit an onser Gesellschaft, déi mat engem schwéieren Handicap musse liewen, an och hire Familljen, et schëlleg, dass mer als Stat eis Verantwortung iwwerhuelen an deene Leit, déi Infrastrukturen zur Verfügung stellen, déi hinnen et erlabe mënschewierdeg ze liewen a lues a lues e gewëssen Integrationsprozess an eiser Gesellschaft matmaachen ze kënnen, fir sech doduerch lues a lues besser upassen ze kënnen. Dofir, wéi gesot, d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

Ech wollt am Fong geholl nach der Madame Minister, wa se erlaabt, dräi Froe stellen:

Madame Minister, virun enger Rei Joren, nach net esou laang hier, ass ëmmer erëm geschwat gi vun enger absoluter Pénurie wat d'Fleegebetter ugeet. Et sinn Zuele genannt ginn, déi heiansdo grouss Ecarten opgewisen hunn, jee nodeem wéi een d'Zuelen interpretéiert huet vun de Leit, déi op e Fleegebett gewaart hunn.

Kënnt Dir ons soen, Madame Minister, wéivill Leit de Moment nach op e Fleegebett waarden an op enger Waardelëscht stinn?

Mir hu virun enger Rei Méint an dësem Haus den CIPA vu Wolz als Projet gestëmmt. Ech wollt just nofroen, wéini dass do, Ären neisten Informatiounen no, d'Aarbechten ulafen?

Déi drëtt Fro, an déi wonnert lech och net, wann ech déi als Norddeputéierte stellen: Wéi wäit sinn d'Pläng, wat den CIPA Ettelbréck ubelaangt? Ech soen lech merci.

■ M. le Président.- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Jeannot Belling agedroen. Den Här Belling huet d'Wuert.

■ M. Jeannot Belling (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gesetzestexte, déi mer haut diskutéieren, sinn an der Kommission vun der Famill an der sozialer Solidaritéit virbereet ginn. Ech wëll dofir onbedéngt, ier ech zum eigentlechen Thema kommen, der Madame Marie-Josée Meyers-Frank, dem Här Paul-Henri Meyers an dem Här Jean-Marie Halsdorf fir hir exzellent schrëftlech a mëndlech Rappore félicitéieren a merci soen.

Déi zwee Haiser, de Centre intégré zu Mamer an d'Maison de Soins zu Dikrech, si weider Etappen an der Realisatioun vu wichtige Projete fir eis eeler Matbierger. De Projet vu Betzder muss een am Kader vum nationale Programm fir handicapiéiert Persounen gesinn. Hei wäerten net nëmme Leit en Ennerdaach fannen, deen hirem Handicap ugepasst ass, mä et gëtt hinnen an och anere Jugendlecher, déi als Extern an den Institut Saint-Joseph kommen, eng adaptéiert Beschäftegung ugebueden.

Dëse Projet ass ze begrëssen, well en erlabe wäert de Manktum un Infrastrukture fir den Accueil an d'Beschäftegung vun eisen handicapiéierte Matbierger deelweis opzehiewen. Ech weess, dass dat hei Projete sinn, wat am Fong Bauteprojete sinn. Ech wollt awer trotzdem a menger Interventioun e bëssen op d'Moosnamen en faveur vun den eelere Leit agoen, well eiser een alt net esou oft d'Geleeënheet kritt hei dāerfen ze schwätzen. Dofir profitéieren ech elo déi Minutten dovun, an da probéieren ech dat ze soen, wat ech denken. Am Koalitionsaccord...

■ Une voix.- Passt op, den Här Rippinger kënnt geschwënn.

■ M. Jeannot Belling (DP).- Dofir tommele ech mech, dass den Här Rippinger net alles matkritt.

(Hilarité)

Am Koalitionsaccord vum August 1999 ass festgehalen ginn, dass eng besser Koordination am Beräich vun der Politik fir déi eeler Persounen sech imposéiert. Dofir huet dës Regierung festgehalen, dass d'Kompetenzen an dësem Beräich, déi virdru beim Familljeministère a beim Gesondheitsministère louchen, esou wäit wéi méiglech solle regroupéiert ginn. Dëst soll et erméiglechen, dass een d'Besoin besser kann agrenzen, well et zu enger verbesserter

Koordinatioun tëschent de Bessenen am Beräich vun de Maisons de soins, respektiv de Centres intégrés komm ass, an ech mengen, dat kann een hei roueg soen, ouni mat iergendengem Buttek ze kréien. Am Moment ass e beim Familljeministère an deene beschten Hänn, Madame Ministesch. D'Diskussion, déi mer haut féieren, ass eng Konsequenz dovun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Unzuel vun de Leit iwwer 65 Joer huet sech während deene leschten 100 Joer vervéierfacht. Si stellen am Moment 10% vun eiser Populatioun duer, an dee Prozentsaz wäert an den nächste Joren a Jorzénge mat Secherheet stänneg wuessen. Dës demographesch Evolutioun wäert grouss politesch an ekonomesch Implikatiounen hunn, iwwert déi mer schonn dës Öfteren heibannen debattéiert hunn. Si stellt eng grouss Erausforderung duer, net nëmme um Niveau vun der sozialer Gesondheetspolitik, mä och wat de Logement betrëfft. Et ass an eisen Aen essentiell, dass déi eeler Leit als Citoyens à part entière, wéi et an engem vun de Rappore formuléiert ginn ass, ugesi ginn. Si mussen iwwert déi beschtméiglech Liewens-konditiounen disposéieren, och am Beräich vum Logement. E Projet wéi deen, deen zu Mamer realiséiert gëtt, bitt dofir eng ganz Rei vun Avantagen.

Mir mussen assuréieren, dass mer de Choix hunn, wéi a wou mer déi lescht Etapp vun eise Liewe verbréngen wëllen. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den nationale Programm fir déi eeler Bierger gesäit den Hauptakzent op der Entwécklung vun all de Moosnamen, déi den eelere Leit et géingen erlazen, an do sinn ech net grad averstane mat mengem Frënd Jean-Marie Halsdorf, doheem an hirem gewinnnte Kader esou laang wéi méiglech ze bleiwen. D'Dispositiounen wéi Aide à domicile, Repas sur roues, Tele-Alarm an Dagesfoyers sinn exzellent Moosnamen, a mir begrëssen hiren Ausbau ganz ausdrécklech.

Mä, Här President, mir mussen awer och feststellen, dass de Maintien à domicile seng Grenzen huet. Et ass muenchmol net méiglech all déi Hëllef a Soins enger eeler Persoun doheem ze ginn. Op där anerer Säit ginn et Leit, déi et virzéien, och wa se nach ganz valid sinn, an e Centre intégré wunnen ze goen, well se fäerten, dass se doheem zevill sozial isoléiert sinn. Et ass jo ëmmer manner de Fall, dass déi eeler Leit bei hirer Famill wunne bleiwe kënnen an och do versuergt gin. Dëst ass eng Tatsaach, och wa se ze bedauern ass.

Mir mussen also deemno d'Offer vun den Infrastrukture fir eis eeler Matbierger weiderhinn upassen. D'Philosophie vum Centre intégré war an eisen Aen dee richtege Wee. Hei kënnen d'Leit engem selbstännige Liewen nogoen, sinn awer gutt entouréiert wann et noutwendeg ass. Si ginn esou och net aus hirem gewinnnte Kader erausgerappt, wann hir Gesondheet an hir Validitéit ofhuelen. Et stellt sech allerdéngs d'Fro, ob d'Konzept vum Centre intégré net u seng Grenze stéisst. Et muss een nämlech feststellen, dass an de leschte Joren déi Leit, déi an e Centre intégré wunne koumen, emmer manner valid sinn. Dëst ass a mengen Aen en Zeechen, dass d'Efforten, fir d'Leit esou laang wéi méiglech doheem ze loosse mat der Hëllef vu Services, déi Soins an Aide à domicile ubidden, erfollegräich sinn. Dës Tatsaach ass ouni Zweifel luewenswäert a positiv ze bewäerten.

Allerdéngs géing ech proposéieren d'Konzept vum Centre intégré ze iwwerdenken, well ech sinn der Iwwerzeugung, dass mer net derlaanscht kommen d'Diskussion ze féieren, ob d'Gériatrieën net emmer méi u Wichtigkeet gewannen, esou wéi dat an den Nopeschlänner, zum Beispill an Holland an an

Dänemark, an d'A gefaasst gëtt. Wann d'Bewunner vun de Centres intégrés iwwer manner Validitéit verfügen, da muss d'Unzuel vu qualifizéiertem Personal selbstverständlech erhéicht gin. Vü dass d'Personalkäschten awer 50% vun de Gesamtkäschten ausmaachen, wäert dat Reperkussiounen op de Loyer hunn, e Loyer, dee sech da manner eeler Matbierger leeschte kënnen, wat natierlech de Fonds national de Solidarité op de Plang misst ruffen.

Dat, Dir Dammen an Dir Hären, schéngt mer eng vun de groussen Erausforderungen, niewent dem Manktum u pure geriatresche Betten, déi sech der Politik op dësem Gebitt stelle wäerten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir vun der DP begrëssen ausdrécklech dës dräi Projeten. Et ass selbstverständlech och aus deem Grond, wou ech déi ganz grouss Freed hunn lech den Accord vun eiser Fraktioun zu dëse Projeten ze ginn.

Ech profitéiere selbstverständlech elo dovunner, ier ech lech merci soe fir d'Nolauschteren, fir lech alleguer schéi Feierdeeg ze wënschen.

■ M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

■ M. Aly Jaerling (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass kloer, dass mir als ADR och déi Projeten hei begrëssen an och wäerten ënnerstëtzen. Et schéngt eis ganz wichteg, dass besonnesch am Beräich vun de Fleegeheimer, Altersheimer an an deenen anere Strukturen, déi dozou gehéieren, e Fortschritt kënnt an dass mer lues a lues awer ufänken déi Pénurie, déi an deem Beräich besteet, opzefänken.

Mir sinn och frou, dass et hei en extrae Fong gëtt, deen déi Finanzementer do garantéiert. Deemools, wéi dee Fong geschafe ginn ass, nodeem dass eng Rei Dysfunktionnementer do waren, si mer frou, dass elo e Fong do ass, dass een endlech weess vu wou d'Sue kommen a wou se higninn.

Just nach eng Fro un d'Mme Minister. Ass et méiglech gewuer ze ginn, wat dann elo nach effektiv bleift a wivill Projeten een an Zukunft an dëser Form nach domadder ka finanzéieren?

Ech mengen, mir sinn hei um richtege Wee, fir déi Pénurie opzefänken, déi am Fleegeberäich besteet. Wat eis awer och wichteg erschénkt, dat ass, dass muss kloer ervirgoen, dass an deene Fleegeheimer wou ausgebaut gëtt, kloer am Gesetz stoe bleift, wivill Fleegepersonal dass muss do sinn, fir déi Leit effektiv an optimal ze fleegen an dass et net duergeet, dass einfach iergendwou e Fleegeheim opgemaach gëtt an dass dann do geschalt a gewalt ka gi wéi ee wëllt. Et muss ëmmer dofir gesuergt ginn, dass am Interesse vun Patient, am Interesse vun deene Leit, déi gefleegt ginn, dat néidegt Personal do ass, sief et Infirmieren, sief et Dokter, mä och anert Fleegepersonal, dat dofir noutwendeg ass. Dat schéngt mer niewent deem finanziellen Engagement awer och en Engagement ze sinn, dat an Zukunft muss onbedéngt erhale bleiwen.

Domadder ginn ech dann och den Accord vu menger Fraktioun.

■ M. le Président.- Als lescht Diskussionsriednerin ass d'Mme Renée Wagener agedroen. D'Mme Wagener huet d'Wuert.

■ Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Ech stelle fest, dass mer mat deem heite Projet nees eng Kéier een hunn, wou mer 120 Betten hunn op enger Plaz, wat fir mech e relativ grouse Projet ëmmer nach ass, a wou pro Stack 40 Zëmmer virgesi sinn. Déi 40 Zëmmer deele sech op op 10 Zëmmer,

déi da gruppéiert sinn zu enger Unitéit all Kéiers. Trotzdeem stellt een awer hei fest, och wann ee sech d'Pläng ukuckt, datt een ëmmer nach a Presenz vu laange Gäng ass, wou d'Zëmmeren niewent enaner gereit sinn, sou datt ech erëm eng Kéier hei wëllt déi Fro opwerfen, ob mer net um Niveau vun der Architektur nach méi Efforte misste maachen, wann et ëm en altersgerecht Baue geet?

Den Här Halsdorf huet virdrun d'Fro opgeworf, ob 32 Quadratmeter fir esou en Zëmmer net ze grouss wär? Ech muss soen, ech gesinn dat net esou. Ech denken, dass och eeler Leit, a grad och vläicht Leit, déi net méi esou valid sinn, oder och Leit, déi handicapéiert sinn, duerchaus Usproch kënnen erhiewen op e bësse Raum.

...an dass 32 m² am Fong wierklech e Minimum sinn, dee mir menger Meenung no do misste ginn. Datselwecht gëllt och fir d'Thema Kitchenette, wou ech denken, dass d'Leit, egal wéi gutt datt se gesondheetlech nach sinn, trotzdem a verschiddene Situatiounen duerchaus kënnen d'Bedürfnis an och d'Méiglechkeet hunn, fir sech heiansdo nach eppes Klenges ze kachen. An dofir sollte se och déi Méiglechkeet behalen.

Eng Fro just och an deem Kontext. Mir haten aner Centres intégrés wou d'Diskussioun war, oder wou et am Projet och virgesi war, fir d'Méiglechkeet virzegesinn, fir zwee Zëmmeren ze verbannen? Ech weess net, ob dat hei de Fall ass? Um Plang konnt ech dat esou net gesinn. Do kann d'Madame Ministesch mir vläicht herno Opklärung ginn?

En zweete Punkt betrëfft d'ekologesch Bauweis. Beim Mamer Projet gëtt geschriwwen, dass d'Bauweis sech géif um ekologesche Leitfuedem vum Ministère de l'Environnement orientéieren. Et stellt een dann awer fest, wann et ëm d'Energiethematik geet, dass deem Thema do relativ diskret ofgehandelt gëtt. Et schéngt sech hei ëm en traditionellt Heizongssystem ze handeln. Vu dass ech nei an der Familljekommissioun sinn an déi Kommissioun vu mengem Kollege Camille Gira iwwerholl hunn, wollt ech mech net zevill wäit virwoen. Vläicht hutt Dir vill Diskussiounen driwwer gefouert. Mä trotzdem stellen ech awer fest, dass am Rapport net ganz vill driwwer ze liesen ass, an och net am Projet de loi.

A vu dass ech mech och schonn an der Travaux-publics-Kommissioun ganz vill mat deem Thema beschäftegt hunn, wäert ech dat dann hei och nach eng Kéier maachen an d'Fro stellen, ob mer net och hei missten Efforte maachen, wann et ëm Cogeneratioun geet? Zum Beispill huet d'Madame Meyers-Frank mir gesot, dass zu Betzder dat duerchaus virgesinn ass, esou dass ee sech d'Fro ka stellen, ob dat bei deenen anere Gebaier, déi mir hei mat finanzéieren, och de Fall ass?

(Interruption)

Här President, ech kommen dann zu mengem leschte Punkt, nämlech deen, awéiwäit datt de Stat Moyenen huet, vu dass et sech jo ëm Konventiounen handelt mat privaten Träger, oder ob déi dann hir eege Virstellungen an deene Beräicher do duerchsetzen?

Ech denken, datt wann ee Konventioun mécht, de Stat dann net nëmmen d'Méiglechkeet, mä esou guer eigentlech d'Flicht huet fir eng Rei vu Kritären opzestellen. Ech weess net, ob et esou Kritäre ginn, déi schrëftlech festgehalen sinn, mä ech virdru scho versicht hunn et ze beschreiwen, wéi awer och wat eng ekologesch Bauweis betrëfft. Ech denken, dass de Stat do jo um Hiewel setzt, fir kënnen eng Rei vu Konditiounen ze stellen. An dofir

géif ech mer wënschen, datt mir bei zukünftege Projekte vläicht méi staark op déi dote Kritäre géifen agoen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Familljeministesch Madame Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, ech géif fir d'éischt wëllen all deenen, déi hei gehollef hunn, datt mer nach esou kuerz virun der Vakanz déi dräi Projeten evakuéiert kréien, e grouse Merci soen. Selbstverständlech der Madame an den Häre Rapporteurs, mä awer och all deenen anere Leit, déi hiert dozou gedoen hunn, fir dass mer dat haut kënnen maachen.

Ech denken net, datt d'Projeten u sech hei kontestéiert goufen. Iwwert dëst oder dat kann ee sech selbstverständlech, wéi bei alles, Froe stellen, mä generell ass jo hei, wann ech dat richteg gesinn, d'Zoustëmmung vu sämtleche Fraktiounen zougesot ginn.

Dat, wat mir bei deene Projeten eigentlech am meeschten um Mo läit, dat ass, dass mir enorm laang Zäit brauchen, vun deem Moment u wou mer plangen, bis dee Moment wou et realiséiert gëtt, wat och dozou féiert, datt eng ganz Partie vun neien Erkenntnisser, déi jo hei vun deene verschiddenen Deputéierte gefrot goufen, eigentlech net méi ëmmer konnte berücksichtegt ginn, well et, wéi gesot, eemol zevill laang dauert.

Mamer ass elo och nach e Paradebeispill. Do si mir a sechs Joer fäerdeg, vun deem Moment u wou geplangt gouf, bis déi éischt Leit kënnen dragoen.

De Georges Wohlfart hat hei gefrot no Wolz. Do ass virgesinn, fir am September 2003 onfänken ze bauen. Wa mir dat gesinn, da si mir ongefëier bei zwielef Joer, ier do deen éischte Pensionär wäert kënnen anzéien.

Bei Ettelbréck dauert et nach méi laang. Well do waren d'Diskussiounen ewell méi fréi amgaange gewiescht, an esou wéi et elo ausgesäit, wat awer net eng Fro ass, an net un eis hei läit, mä wou et eng Zäitche gedauert huet bis d'Träger eis soen - mir waarden nach ëmmer op Äntwerte bei enger Konventioun, déi am Februar 2002 ënnerschiwwen ginn ass -, wéi si sech dat virstellen, a wéi dat soll ausgesinn. Da komme meir warscheinlech do éischter op 15 wéi op 12 Joer.

Wann dat nach am Verständnis vun den Deputéierten normal ass, da weess ech net méi wat do eigentlech nach normal ass, an och net soll sinn. An ech denken, datt mir och do musse kucken déi Prozeduren ze fannen, déi awer och net do esou iwwert d'Strängt schloen, datt mir eis selwer onméiglech maachen.

Ech denken un ee Projet, deen eenzegem och, dee vun engem reng privaten Träger gebaut gouf, deen a véier Joer fäerdeg ass. Deen hat déiselwecht Oplage vu Bautereglementer, en hat déiselwecht Oplage vun dem Environment. En hat natierlech net alleguerten déi aner Prozeduren, déi ee muss maachen, well e keng öffentlech Suen dobäi kritt huet. Mä et dierf awer keen Ënnerschied vun zéng Joer sinn tëschent engem privaten Träger, dee keng Sue vum Stat kritt, an engem aneren.

(Interruption)

Wat gelift?

Une voix.- De Privatträger hat méi Sue wéi de Stat.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Dat géng ech net mengen. Ech weess net, ob Dir vun deemselwechte schwätzt wéi ech. Mä jiddefalls, deen Eenzegem, deen ech kennen,

deen dat bis haut gemaach huet, ass den Elysis, an et ass net esou, datt déi schrecklech vill Suen hatten. Ech weess net u wien datt Dir denkt, mä ech weess, dass déi Leit do Sue léine gaange sinn, se hunn och kee Geheimnis doraus gemaach. Dofir mengen ech net, datt et eng Fro war, ob een d'Suen op dem Koup leien hat. Mä et muss een einfach gesinn, datt wann ee mengt, et misst een nach hei an do, a mir missten bei all Plang dee leschten Detail hei hunn, da gëtt dat näscht.

D'Madame Meyers hat zu Recht beim Projet vu Betzder drop higewisen, datt se elo eréischt gesinn hu wéi déi éischt Phas gebaut war an déi zweet Phas, déi ëmgebaut gëtt, datt dann d'Statik et net géng erlabe fir einfach esou dat erëm frësch ze bauen oder an d'Rei ze maachen. Da muss dat erëm alles geännert ginn. An ech soen dat hei, fir datt net a fënnf Joer op eemol ee fënnf, majo, dat hätt Dir awer deemools misste soen, an dat hätt awer deemools misste bekannt gewiescht sinn. Datt Dir also och gesitt, dass et do net méiglech ass, am Virus ëmmer ze soen, dat dauert esou laang, an dann an da kann dat esou gemaach ginn. Elo rappe si dat of, si bauen dat nei, am Rapport steet dran, datt et net méi dierf gëtt, an datt deeselwechte Programm realiséiert gëtt wéi deen, dee virgesi war.

De Conseil d'Etat hat zum Beispill och gefrot, ob et normal ass, datt mir esou laang Délaien hunn tëschent der Konventioun déi gemaach gëtt an dem Gesetz wat gemaach gëtt. Och do muss ee soen, ass den Träger an deene meeschte Fäll deen, deen am allernähesten Afloss drop huet. Da kann een also och déi Leit net onbedéngt dofir strofen, wann dann näscht geschitt.

Mä ech wëll nëmme soen, fir mech ass dat wierklech eppes wat schwéier ze verkraaten ass. A fir lech kann et net anesches sinn, wann ech all déi Froe gesinn an ëmmer erëm muss beäntweren, wéini dass dann dëst fäerdeg ass a wéini dann dat fäerdeg ass, esou datt ech, wéi gesot, wierklech mengen, datt mir misste kucke fir eis do Prozeduren ze ginn, fir datt dat alles e bësse méi séier geet.

M. Lucien Weiler (CSV).- Tëschent der Theorie an der Praxis, Madame Jacobs, leien oft Welten. Dat muss een agesinn.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Dorun ass guer keen Zweiwel Här Weiler. Ech gehéieren éischter zu der Praxis, wéi zu der Theorie, mä dat...

M. Lucien Weiler (CSV).- Dat ass dat, wat den Här Krecké net gesinn hat d'lescht Woch.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Ech wëll just soen...

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här Weiler, wann Der gär eng Diskussioun driwwer hätt, da maache mer se.

Une voix.- Très bien.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Ech géng wëlle soen, och wat déi verschidde méi prezis Froen hei ubelaangt, wat elo fir d'éischt déi zwee Centres intégrés ubelaangt, dat ass d'Fro vun der Vakanzebetter. Näscht verhënnert déi Leit, fir Vakanzebetter ze maachen. Se mussen just wëssen, ob si se déi ganzen Zäit besat hunn.

An do sinn elo Diskussiounen amgaangen iwwert d'Fleegeversécherung mat der Krankeess, fir ze kucken, datt eng Partie vun deenen Zëmmeren bezuelt ginn, och wa se net besat sinn. Well dat ass natierlech de Problem vun deenen Haiser. Wa se während etleche Wochen déi Better net besat hunn, da komme se herno ënnert dem Stréch net mat hire Präisser aus.

Ënnerschiddlech Gréisste vun den Zëmmeren, an och ob se altengerecht gebaut sinn. Do ass et effektiv richteg, datt grouss Change-menter amgaange sinn, a wéi gesot, ass et schwéier deem Rechnung ze droen, wann der 15 Joer am Plange sidd, bis der et gebaut huet.

Ee vun deene Projeten, deen dovou profitéiert, datt en esou laang ass, ass effektiv de Projet vun Ettelbréck. Wou ënnerschiddlech wäert gebaut ginn, wat Centre intégré ass a wat Fleegebetter sinn.

Wann een elo seet, déi Leit, déi dement sinn, déi Leit, déi Fleegebetter hunn, bräichten am Fong keng esou grouss Zëmmeren, mä grad déi dement Leit bräichten dacks méi grouss Raim, wou se kënnen goen, wou se kënnen zirkuléieren. Et weess een, dass dat ganz dacks Leit sinn, déi vill Kilometeren am Dag ginn, déi een also muss schützen, fir datt hinnen näscht geschitt, a wou een op där anerer Plaz natierlech och muss oppassen, datt kengem aneren eppes geschitt. Deem gëtt do selbstverständlech Rechnung gedroen. Mä wéi gesot, et ass net ëmmer esou evident, datt een dat op esou eng laang Zäit am Virus ka plangen.

Kitchenette ass, mengen ech, och net eng Fro, déi hei d'Welt wäert ëmgehen, well et ass net dat, wat de grouse Präis ausmécht. Entweder steet do e Schaf an da stinn do zwou Kachplatten drop. Méi ass d'Kitchenette net. Ob een déi erausrappt oder ob een déi dra léisst, dat kann een individuell maachen, déi muss een net uschlëssen. Ech mengen, dass dat net eng gewaltig Fro ass.

De Georges Wohlfart huet hei vun den auslänneschen Investisseure geschwat. Ech muss éierlech soen, et huet mer richteg Freed gemaach. Ech weess net wéi vill ech der gesinn hunn an deene Jore bei mir defileieren. Dat Eenzezt, wat ech net gesinn hu bis haut, dat ass, dass ee gebaut huet.

(Hilarité)

Une voix.- Esou war et bei mir op der Gemeng och.

(Interruption)

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Ech hunn hinne gesot, wéi vill et géng kaschten, wéi vill dass de Kollektivvertrag zu Lëtzebuerg wier, wéi d'Norme wieren an da si si alleguerten traureg vun dannen gegangen und waren nie wieder gesehen. Mä et ass jo nach net ausgeschloss, dass awer deen een oder anere sech vläicht trotzdem dofir begeeschtere léisst.

Mir haten en Anbieter, dee komm ass, dee wollt 200 fleegebedürftigt Leit aus der Kategorie véier an een eenzezt Haus leeën, well hien héieren hat, dass hien an der Fleegeversécherung 190.000 Frang de Mount kënn kréien dofir, mä hien hat, wéi gesot, de Kollektivvertrag aus Däitschland gekuckt an dunn huet hien awer gemengt, dass dat net dat Richtegt wier, niewent deem, dass mir awer och gemengt haten, dass et onméiglech wier, fir 200 schwéier fleegebedürftigt Leit beieneen an een Haus ze leeën. Et gëtt also do näscht, wat et net gëtt, mä wéi gesot, tëschent deem wat d'Leit menge wat se kënn maachen, an deem wat dann herno realiséiert gëtt, leie Welten.

Och d'Fro vun deene Better, déi bis haut nach ëmmer feelen, ass eppes wou ee sech nach ëmmer

schwéier domadder deet, well mir méi Better hei zu Lëtzebuerg hunn, wéi soss e Mënsch an onsen Nopeschgéigenden an Nopeschlänner huet. Mir hunn eigentlech ëmmer gefaart déi Zäit, wéi mer zesumme mam Mady Delvaux déi Fleegeversécherung do geplangt hunn, dass mer géingen lwwerkapassitéiten vu Better schafen.

Wéi gesot, mir hunn haut nach ëmmer Nofro, fir Leit ënner Daach ze kréien. Dat ass och sécher ee vun de Grënn, dass et esou laang dauert bis mer gebaut kréien. Et ass op där anerer Säit awer och ganz kloer, dass zu Lëtzebuerg éischter Leit an d'Haiser placéiert ginn, wéi an anere Länner, well natierlech deen Eenzelnen eng besser finanziell Situatioun huet, mä mir awer och op där anerer Säit vill Sue bäileeën. Mir maachen dat zum Beispill iwwert de Pensionspräis, wou mer iwwert den Accueil gérontologique op 75.000 Frang ginn, wat mer kënnen de Leit pro Mount bäileeën, oder iwwert d'Fleegeversécherung, wou am Regelfall zwëschen 130.000, dat ass d'Moyenne, an 190.000 Frang de Mount bäigeluegt gëtt.

Wann nach een heibannen ass, dee sech ka virstellen, dass en amstand ass fir 200.000 Frang de Mount op den Dësch ze leeën - ech schwätzen nach ëmmer an ale Frangen, ech entschëllege mech dofir -, da géng ech gäre gesinn, wéi hien dat géng maachen. A wa se dann nach zu zwee sinn, da gëtt dat jo eppes, wat total onméiglech ass. Dofir géng ech alleguerten déi Leit awer wierklech invitéieren op de Buedem vun der Realitéit zrëckzekommen, déi nach soen: Geet dat dann nach duer mat de Präisser, déi mer bezuele bei den Investissementer? A geet et och nach duer bei deem, wat mer fir de Rescht investéieren?

Et sinn eng ganz Partie vu Projeten, déi nach virgesi sinn an deenen nächste Joren, déi mer jo natierlech alleguerte wäerten en long et en large an deem Haus nach eng Kéier kënnen diskutéieren. Et ass op de Projet higewise gi vun Heeschdref. Dat anert ass de Projet vun den eelere Behënnerten. Et ass fir d'éischt, wou mer op de Punkt kommen, wou mer fir déi eeler Behënnert mussen Altersheimer bauen. Dat ass et bis dohinner net ginn. Do gesitt Der wéi eis Gesellschaft changéiert. Op d'Fro iwwer Wolz an Ettelbréck hunn ech dem Georges Wohlfart geäntwert.

De Jeannot Belling huet zu Recht gefrot awéiwäit dass mer un d'Grenze komme vum Konzept vun de Centres intégrés, well mer awer mierken, dass den Duerchschnëttsalter vun de Leit, déi an d'Haiser kommen, ëm déi 84 bis 85 Joer ass. Selbstverständlech kommen déi Leit dann eréischt, wa se wierklech vill Fleege brauchen. Et kënn also kee méi - wahrscheinlech duerch déi besser Servicer, déi vun de Services à domicile iwwert d'Fleegeversécherung bezuelt ginn - an déi Haiser bis e muss dohinner kommen.

Dofir denken ech och, dass et wahrscheinlech an Zukunft éischter méi reng Fleegebetter a Fleegehaiser gëtt, wéi nach Centres intégrés, an dass ee kucke muss awéiwäit dass de Logement encadré oder de Logement pour personnes âgées éischter deem Rechnung droe muss, dat heescht fir déi Leit, déi net méi onbedéngt wëllen an hirem groussen Haus eleng doheem bleiwen, mä déi awer net an e Centre intégré mussen goen. Dat ass dann natierlech erëm eng Fro vu Confort, wou een nach léiwer an engem Appartement wunnt, wéi awer onbedéngt an engem Zëmmer, och wann et 32 m² grouss ass. Wann een invalid ass, dann ass dat och nach net terribel grouss. Ech sinn awer absolut domat d'accord, dass een do wahrscheinlech an nächster Zäit erëm eng Kéier muss ëmdenken a sech aner Kritäre muss ginn, fir déi Haiser ze gëreieren.

Den Här Jaerling huet gefrot, wéi et mat dem Fleegepersonal ass. Et ass virgesinn, Här Jaerling, dass nëmmen deen, deen no eise Kritäre baut an nëmmen deen, deen no eise Kritäre Personal astellt, en Agrément kritt. Et ass also net méi wéi deemools zu Fréiseng, wou den Här Gibéryen d'Brak net zougemaach huet, mä d'ITM se zougemaach huet, wou fir d'Leit eng net genügend Zuel vu Personal do war an och net esou versuergt waren, wéi et hätt musse sinn.

Ech erënnere just drun, dass mer deemools, wéi mer d'ASFT-Gesetz gestëmmt hunn, gesot kritt hu vum Conseil d'Etat, Dir duerft net dohinner kucke goen, ouni dass Dir ugemellt sidd an Dir dierft och net dohinner kucke goen owes no zéng Auer. Et hat awer kee Wäert, wann ech an e Gesetz dra schreiwen: „Dir musst zéng Infirmiëren op der Nuetsschicht hunn“, wann no zéng Auer kee méi ka kucke goen. Et huet och kee Wäert - ech huelen dat Beispill, well dat dat war, wat am meeschten hei am Lëtzebuurger Land bekannt ass vun enger Persoun, déi während enger Woch déiselwecht Pampers unhat -, wann ech moies dohinner téléphoneieren, de Mëtteg komme meng Fonctionnairë kucken, dann ass et kloer, dass déi Persoun d'Pampers vun enger Woch ausgedoe kritt.

Op Grond dovun hu mer also déi Méiglechkeeten, fir dat ze kontrolléieren. Ech muss och soen, dass d'Träger ëmmer méi drun interesséiert sinn, fir op aner Qualitéitsniveauen ze kommen, esou gutt wat d'Ausbildung vum Personal ubelaangt, wéi wat d'Fortbildung vum Personal ubelaangt an emol ze verhënneren, dass do e Burn-out geschitt an dozou féiert, dass ëmmer e méi grouse Changeement vum Personal an deenen Haiser ass.

D'Madame Wagener huet gefrot, ob déi Projeten net zevill grouss wiere mat 100 Better. Si sinn zu der Ansicht komm, dass een e Gebai mat ongeféier 80 bis 120 Better misst bauen, fir dass déi generell Käschten, déi domat verbonne sinn, an engem erträgleche Mooss bleiwen. Dat doten alles ass ni rentabel, mä et ass nëmmen, fir datt et net zevill aus dem Präis erauswiisst, wou déi dote Gréissten entstinn. Ech hunn lech gesot, dass an der Architektur haut ouni Zweifel aner an nei Erkenntnisser komm sinn, wou mer probéiere bei deenen neie Projete selbstverständlech deene Rechnung ze droen.

An deenen Haiser alleguerte gëtt et och Zweepersonenenzëmmeren, dat heescht fir eng Koppel, déi eventuell wëllt dohinner goen. Déi Zëmmere sinn natierlech esou ofgedeelt, dass wann net onbedéngt eng Koppel do ass, déi selbstverständlech och fir zwou Persoune kënne gebraucht ginn, fir dass do net muss eppes eidel stoe bleiwen.

Ekologesch Energien, do muss ech éierlech soen, do sinn ech iwwerfroot. Ech muss mech an der Zukunft méi domadder befaassen. Et war eppes, wou mer eis eigentlech ni driiwer ënnerhalen hunn an der Familljekommissioun, mä et ass sécher gutt, wa mer eis...

■ Une voix.- Gitt der Travaux-publics-Kommissioun dat.

■ Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*. - Et ass an der Rei, da gi mir lech dat fir Avis.

(Interruption)

Dir gesitt also, dass mer eis net deenen Neierunge verschléissen, well mir hu selbstverständlech d'Méiglechkeet, fir Virschréften ze maachen, well wa mer esou vill do bäileeën, dann ass et kloer, dass een dat och muss kënnen dra virgesinn.

Betzdorf, wéi gesot, dat ass dee Projet vun de Behënnerten, wou mer 100% bezuelen. Ech wëll hei

soen: Et ass fir d'éischte Kéier, dass de Stat sech bedeelegt bei engem vun deene Projeten zu Betzdorf. Bis haut hunn déi Betzdorfer dat alles mat hiren eegene Mëttele gemaach. Dofir fannen ech et net méi wéi berechtigt, dass mer endlech bei dësem groussen a wichtege Changeement an deem Haus déi ganz Laascht droen. Och do muss ech soen, dass d'Prozedure méi laang gedauert hunn, quitte dass mer méi séier virukommen, wéi bei den Altersheemer, mä ech denken och, dass mer am Joer 2003, wat effektiv d'Joer vun de Behënnerten ass, nach d'Geleeënheet wäerte kréien, och am Kader vun aneren Diskussiounen hei, méi genee dorop anzegoen.

D'Haiser sinn ëmmer nëmmen eppes. Dat wat dra geschitt ass eppes aneshtes. Et ass kloer, wann een net dat richtegt Personal huet an der genügend grousser Zuel a mat deene richtege Qualifikatiounen an de Formatiounen, déi ëmmer erëm musse virugefouert ginn. Och do sinn ech frou, dass mer hei zu Lëtzebuerg an dem Centre universitaire de Master vun der Gerontologie ubidden, wou net nëmme Lëtzebuurger kënne déi Formatiounen maachen, mä wou och Auslänner kënne kommen.

Ech denken, dass dat och zum Image de marque bäidréit, fir dass mer net ëmmer nëmmen duergestallt ginn als déi, déi gären deenen aneren hir Suen hätten, mä wou mer probéieren deenen dat Wëssen, wat mer zesumme mat auslänneschen Universiteiten hei ubidden, och virun ze vermëttelen. Dat ass och e wichtege Punkt.

Ech géing, wéi gesot, lech alleguer nach eng Kéier merci soen a mech deene gudde Wënsch fir lech alleguerte vum Här Belling uschléissen, vu dass ech denken, dass ech dëst Joer fir d'leschte Kéier hei bei lech war.

■ Des voix.- Oh!

■ Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*. - Ech soen lech alleguer merci a wënschen lech all Guddes.

■ M. le Président.- D'Diskussioun vun deenen dräi Projeten ass elo ofgeschloss a mir kommen zu der Lecture vun den Artikelen. Mir stëmmen iwwer all eenzelt Gesetz of.

Fir d'éischt fänke mer u mam Gesetzesprojet 4917 iwwer Mamer.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also elo iwwert de virleende Projet of.

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si ent-hale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Lucien Clement), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Jeannot Belling), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Théo Stendebach), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Simone Beissel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par

M. Gusty Graas), Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer (par M. Emile Calmes) et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da kéime mer elo zum Projet 4926 iwwert Dikrech.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen dann elo och iwwert dee Projet of.

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si ent-hale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Lucien Clement), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Jeannot Belling), Mme Maggy Nagel, MM. Marco Schroell (par M. Gusty Graas), John Schummer (par M. Emile Calmes) et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da kéime mer un den nächste Projet 4923 iwwer Betzdorf.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo iwwert dee Projet of.

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si ent-hale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, MM. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Gusty Graas), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Simone Beissel), Mme Maggy Nagel, MM. Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer (par Mme Agny Durdu) et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Aly Jerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen);

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Dann hätte mer dee Punkt domadder ofgeschloss. Den Här Strotz freet nach d'Wuert fir den Dépôt, mengen ech, vun enger Proposition de loi.

3. Dépôt d'une proposition de loi

■ M. Nicolas Strotz (CSV).- Här President, ech wollt hei deen Dépôt vun enger Proposition de loi maachen. Den Här Bodry seet schonn et wär eng ganz populär, et geet nämlech drëm fir datt alleguerten déi, déi e Führerschäin maachen, och sollen doniewent, ier se de Führerschäin ausgestellt kréien, en Éischt-Hëllef-Cours maachen, an datt se deen érischt ausgestellt kënne kréie wa se deen Éischt-Hëllef-Cours gemaach hunn.

Ech mengen, et ass esou, datt ganz oft bei Accidenter, doduercher, datt egal wéi séier dass se do sinn, d'Hëllefkräften awer ze spët kommen, an datt et wichteg ass, datt deen Éischten, deen op der Plaz ass, weess wéi ee sech behëlt, wéi e soll esou een Accident signaliséieren, wéi e soll Hëllef ufroen a wéi en eventuell deemjénegen, dee blesséiert ass, och soll éischt Hëllef zoukomme loossen.

Ech mengen, mir si ganz oft an deene Situatiounen, datt Leit hiert Liewe loossen doduerch, datt se net séier genuch Hëllef kritt hunn. An deem Sënn géif ech dann hei déi Proposition de loi déposéieren, datt de Code de la route an deem

Sënn ëmgeännert gëtt, respektiv e puer Saache bäigeschriwwen ginn, fir datt deem do ka Rechnung gedroe ginn.

Ech soen lech merci.

■ M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch den Här Nicolas Strotz, an déi Proposition gëtt virugeleet un déi entsprechend Kommissioun an un de Statsrot.

Elo komme mer dann zur Diskussioun vun de Projets de loi 4825A a 4528B iwwert de Secteur Horesca. Béid Projete ginn an enger Diskussioun behandelt. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen déi Häre Glesener, Lux, Bettendorf, Jaerling, Bausch, Urbany a Koepp. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Nico Loes.

4. 4825A - Projet de loi portant approbation de la Convention internationale du Travail N°172 concernant les conditions de travail dans les hôtels, restaurants et établissements similaires, adoptée par la Conférence internationale du travail à Genève, le 25 juin 1991

4825B - Projet de loi portant 1. réglementation de la durée de travail des ouvriers, apprentis et stagiaires occupés dans l'hôtellerie et la restauration; 2. modification a) de l'article 6 de la loi modifiée du 7 juin 1937 ayant pour objet la réforme de la loi du 31 octobre 1919 portant réglementation du louage de service des employés privés, b) de l'article 5bis de la loi modifiée du 9 décembre 1970 portant réduction et réglementation de la durée de travail des ouvriers occupés dans les secteurs public et privé de l'économie et c) de l'article 1er de la loi modifiée du 26 février 1993 concernant le travail volontaire à temps partiel

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

■ M. Nico Loes (CSV), *rapporteur*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zur Diskussioun vun dem sougenannten Horesca-Projet, fir en emol esou ze nennen, deen den 23. Juli 2001 an der Chamber deposéiert ginn ass, wou mer och déi eenzel Avisé vun de Berufschamberen erakuten, d'Chambre des Employés privés, d'Chambre de Travail, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers an och de Conseil national pour Etrangers.

De Conseil d'Etat hat och den 30. Abrëll vun dësem Joer en Avis ofginn, a mir hunn an de Kommissiounssitzunge vum 17., vum 20. Juni a vum 15. Juli de Projet diskutéiert. Et sinn och eng Partie Amendementen zu deem Projet gemaach ginn a mir hunn eis de 4. Dezember nach eng Kéier zesummegezat fir iwwert d'Amendementen ze diskutéieren. De Statsrot huet nach eng Kéier den 10. Dezember Amendementen eragin a mir hunn och iwwert déi diskutéiert an den 12. Dezember hu mer de Projet gestëmmt.